N°3641
Entrée le 11.02.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

D'Aféierung vum Taser bei der Police soll als zousätzlecht Instrument dozou bäidroen, geféierlech Situatiounen ze entschäerfen, ouni direkt op déidlech Gewalt zeréckzegräifen. Gläichzäiteg geet et hei ëm sensibel Froen am Zesummenhang mat Rechtsstaatlechkeet, Transparenz a Vertrauen an d'Police.

Rezent Asätz, bei deenen de Taser zwar gezunn, mee net agesat gouf, weisen, wéi wichteg et ass, de Kader an d'Praxis vum Asaz kloer ze verstoen.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi gëtt déi aktuell d'Testphas bis 2027 konkret dokumentéiert an evaluéiert? Wéi gesäit d'Auswäertung vun dëser Testphas aus?
- Wat geschitt nom Ofschloss vun der Testphas, a wat ass dat konkret Zil vun dësem Pilotprojet?
- Wat war de Kontext, respektiv wat war d'Natur vun de Situatiounen, an deenen den Taser gebraucht ginn ass? Wéini gëtt en Taser gezunn, a wéi eng kloer definéiert Critèrë respektiv Asazleitlinne gëllen an dëse Fäll?
- Wéi gesäit d'Schoulung vun de Polizisten am Ëmgang mam Taser aus? Wéi laang dauert dës Formatioun, a wat sinn déi konkret Inhalter an der Theorie an an der Praxis?
- Wéi ginn d'Gesondheetsrisiken am Zesummenhang mam Asaz vun engem Taser bewäert, besonnesch bei Persoune mat Virerkrankungen oder Häerzproblemer? Wat sinn d'Uweisunge fir d'Handele vu Polizisten an dëse Situatiounen?

Mat déiwem Respekt

Dan Biancalana

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu